Die Rede des Herrn Schaffner am Grabe Andre'i Duchscher's zu Wecker

Här Duchscher, Famil Duchscher,
an all dier Fren a Bekannten voam Ändre'i Duchscher!

D'Staadt Eechternoach feiert haut e Fest, dat ganz dem Oandenken an der E'ihrong voam Ändre'i Duchscher, dem eechternoacher Hämichsdichter bestemt aß.

Fer dat Fest oanzefenken, komme mir haut am Noam voan der Staadt Eechternoach, dee Lorberkrantz op dem Dichter se'i Graaf ne'ier leeen, als Dank fer dat ideal Weerk, dat heen der Staadt a se'inen Theaterstecker hannerloß hoat, de'i jo all op eechternoacher De'itsch geschriewe se'in. Heen hoat woahl d'Hapze'it voan se'im Lewen hei zo'u Wecker zo'ubroacht, dach se'in Härz hoat och noach allze'it oan Eechternoach, dem schine Steedtchen, gehangen. All go'uden Daag aß heen se'in al Hämicht a se'in al Fren bese'iche kom, an heen hoat sich emer och noach als eechternoacher Birger gespiret. Durch dat heitig Fest wölle mir se'in Oandenken därart festleeen, dat och all e'is Nokommen deen eechternoacher Hämichsdichter net vergieße können.

Se'in Haptweerk hoat heen an se'iner zwäter Hämicht Wecker opgeriecht, an daat Weerk aß mat de Jo'uhren esu bedeitend geen, dat 't haut e Weltro'uf hoat. Schun de'i Keltern a Pressen, de'i nom System Duchscher voan der Eisenhütt Wecker fabrice'iert, an a villen auswärtigen Läner bekannt an opgehol se'in, hoan dem Weerk en ischtklassige Ro'uf gemacht.

Den Ändre'i Duchscher hoat awer net elän oan se'in Notze gedoacht, heen hoat och se'inen treien a brawen Oarbichter en gesechert an dauernd Leweshaltung an e ro'uhigen Alter verschaaft a garante'iert, an se'in Arichtongen fer d'Woahl voan se'inen Oarbichter se'in am letzeburger Land an och voan der Regierung als Moster oanerkannt geen, an se hoan sich als e Segen fer Wecker-Biwer an d'ganz Emgigend erwiesen. Dir wärd och all mat iis averstange se'in, dat den Duchscher net elän e gro'uße Birger war, sondern och e Menschefrend an e go'ude Papp fer all Leit, de'i mat him geleevt a geoarbicht hoan. Dir hoat als bleiwent Oandenken se'i Graaf an eierer Meten, an dir an eier Nokommen wärden heen och net vergeeßen, well heen hoat eiere grißten Dank verde'int, a mir all zesoamen verspreechen hei op se'im Graaf, se'in Oandenken allze'it hih an E'ihren ze halen.

Dans le Parc d'Echternach - Im Stadtgarten «Lustgarten» zu Echternach

Am Casinosgârt zu Echternoach



Cliché Publicitas, Luxembourg *Photo J. Kaemmerer, Wiltz*

Le pavillon Louis XV et le Jardin de Plaisance d'où partait le 4 août 1929 le cortège. — Der fünfeckige Pavillon (Rokokostil), im Volksmund «Lusthaus» genannt, sowie der «Lustgarten» (Stadtpark), von wo aus der Festzug am 4. August sich abwickelte. — «De Pavillon am Casinos Gârt.» — (Auf der Titelseite unserer Nr. 10 vom 25. Mai 1929, Seite 145, brachten wir infolge einer Klischeeverwechslung anstatt des «Pavillon» die «Orangerie». Unsere Leser konnten die Verwechslung leicht feststellen, da der Text hauptsächlich für den «Pavillon» geschrieben war. Trotzdem möchten wir bei dieser Gelegenheit nicht verfehlen, ausdrücklich dies richtig zu stellen.